N° 7832
Entrée le 29.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.03.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 29. Mäerz 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Eisen Informatiounen no ginn et am Moment nëmmen nach ganz begrenzt Reserve vun Aspegic I.V. Dëst Medikament ass awer z.B. am Fall vun engem Häerzinfarkt als Éischttherapie enorm wichteg. An deem Kontext wollte mir folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Kënnt Dir eis Informatioune confirméieren, datt d'Medikament Aspegic IV nëmmen nach begrenzt disponibel ass?
    - Wa jo, wat sinn d'Grënn fir d'Rupture de stock?
    - Wa jo, ginn et Alternativpräparater, déi bei akute cardio-vasculaire Problemer an der Reanimatioun kënnen agesat ginn?
    - Wa jo, wéini gëtt d'Medikament viraussiichtlech nees op Lëtzebuerg geliwwert?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**
**Deputéiert**

**Jean-Marie Halsdorf**
**Deputéierten**

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu